

och un d'Reegelen ze hale wéi all aneren, deen hei am Land wunnt, egal, wat fir eng Nationalitéit en huet. An dat maache mer an der Flüchtlingspolitik.

Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. Merci dem Här Asselborn. An ech maachen dat, wat meng Flicht ass. Ech ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Fait personnel.

(Brouhaha)

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Fait personnel?

(Interruption par M. Fernand Kartheiser)

Jo, ech wëll Iech just soen, ech applizéieren d'Reglement an nëmmen d'Reglement. Do gëllt, dass jiddwereen, ...

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Fait personnel.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | ... dass jiddweree Parole après ministre kritt, an dat hat Dir, an och déi Zäit, déi Der zegutt hutt. An den Här Ausseminister huet dorop geäntwert. An dann applizéieren ech och op där anerer Säit d'Reglement, dat seet, dass kee Riedner méi wéi zweemol an enger Debatt intervenéiert. An ech géif gär gesinn, wou de Fait personnel ass.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Majo, dann zu engem Point d'ordre, Här President. Ech sinn absolutt net mat Är Interpretatioun d'accord.

Plusieurs voix | Nee. Nee.

(Brouhaha)

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Well den Här Asselborn huet mech elo ugeschwat an huet gesot, ech soll entweder eppes zrëckhuelen oder beweisen. Eng direkt Opfuerderung, da muss ech och kënnen ...

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Also gutt, dofir stinn ech och gerued. Wann Der där Opfuerderung vum Här Ausseminister kënnt nokommen, da maacht dat.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Ma dat maachen ech ganz gär, Här President. Et wonnert mech, dass mer iwwerhaupt hei doriwwer diskutéieren, well ech mengen, et ass ganz evident, dass, wann e Minister en Deputéierten eppes freet, den Deputéierte muss d'Méiglechkeet kréien, dem Minister ze äntwerten. Selbstverständlech! Dofir wonnert mech Är Interpretatioun vum Reglement.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Iwwerliest Äert Reglement, da wonnert dat Iech net méi.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Mee ech huelen elo d'Wuert, fir dem Här Asselborn dann op dee Punkt ze äntworten, wou hie mir eng Fro gestallt huet.

Här Asselborn, ech verstinn, datt Dir rose sidd, datt vläicht Beamten aus Ärem Ministère och mat eis Kontakt hunn an eis hir Suerge matdeelen. Awer, Här Asselborn, ech wëll Iech eppes soen, wat Dir als Politiker an als Minister vun der Lëtzebuerger Regierung misst kennen, an dat ass an engem GerichtsUrteil viru kuerzer Zäit confirméiert ginn: Dat ass de Quellschutz. Dir hutt mech emol net ze froen, wou meng Quelle sinn! Dir hutt keen heibannen ...

(Brouhaha)

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Dir kënnt jo egal wat da behaapten!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Dir hutt keen Deputéierten heibannen ze froen, wat seng Quelle sinn.

(Brouhaha)

Une voix | Ridicule.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | An dat ass nun emol den Deputéierten, deen en absolutt Recht huet, fir déi geheim ze halen. Dat heescht, ech wäert nimools e Mënsch, dee mir eng Informatioun gëtt, ...

Une voix | Ridicule!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Här Kartheiser, ...

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Dir maacht Accusatiounen géint Leit a kënnt se net beweisen. C'est tout!

M. Fernand Kartheiser (ADR) | ... och wa se Iech betrëfft, Här Asselborn, herno bloussstellen oder a Problemer bréngen doduerch, datt ech meng Quelle géif präisginn. En Deputéierte mécht dat net, an en huet d'Recht, et net ze maachen!

M. Dan Kersch (LSAP) | Dir accuséiert Beamten, Dir accuséiert Beamten an Dir hutt keng Beweiser.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Wann ech gelift! Ech wëllt just drop hiweisen, dass hei net gefrot ginn ass, fir Quellen op den Dësch ze leeën, mee fir Faiten op den Dësch ze leeën! Nächst aneres huet den Här Ausseminister gefrot. Hien huet hei net gefrot, dass een Denunziantentum mécht! Dat huet en net gemaach. Hien huet just gesot: „Wann Dir Faiten hutt, leet se op den Dësch!“ An dat huet näischt mam Informant ze dinn, dat huet just mat de Faiten ze dinn!

M. Georges Engel, Ministre du Travail, de l'Emploi et de l'Économie sociale et solidaire | Da maacht dat och. Leet se op den Dësch, déi Faiten!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Sou, elo ass d'Debatt definitiv hei eriwuer an déi Leit, déi en cause sinn, déi kënnen sech selbstverständlech och wieren.

Domat géif ech zum Vott iwwert de Projet 8014 iwwergoen.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8014 et dispense du second vote constitutionnel

De Vott ass elo direkt lancéiert. Fir d'éischt déi perséinlech Stëmmen. An dann d'Procuratiounen. An de Vott ass elo ofgeschloss.

59 Leit hunn ofgestëmmt, 51-mol Jo, 2 Abstentounen a 6 Nee-Stëmmen. Domat ass de Projet ugehol.

Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par M. Laurent Mosar), Paul Galles, Léon Gladen, Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo, Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Claude Wiseler et Michel Wolter (par Mme Martine Hansen) ;

MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen (par M. Gusty Graas), Gusty Graas, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff, Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Cloener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy, Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc

Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill.

Ont voté non : MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen) ;

Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Ass d'Chamber bereet, d'Dispens vum zweete Vott ze ginn?

(Assentiment)

Merci.

An ech entschëllege mech, dass meng Stëmm méi haart gouf, mee och e President däerf sech emol wieren, wann Insinuatione gemaach ginn oder mat duebelem Buedem geschafft gëtt.

12. 8131 – Projet de loi relatif au financement des services de gardiennage pour les structures d'hébergement et les bâtiments administratifs de l'Office national de l'accueil

Voilà, dat gesot, géif ech zum nächste Projet iwwergoen, dem Projet 8131. Do geet et ëm d'Finanzéierung vun de Sécherheetsservicer vun den Heemer a vun den administrative Gebaier vum Office national de l'accueil. An d'Wuert huet, wéi esou oft schonn de Mëtten, den honorabelen Här Cruchten.

Rapport de la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Merci, Här President. Dëse Projet ass ugangs des Joers, nämlech den 2. Januar, deposéiert ginn. Den Hannergrond vun dësem Finanzéierungsgesetz ass, datt mer en Zouwuess vu Refugiéien hunn an de leschte Joren, wéi mer wëssen. Net zulescht sinn zanter dem Ufank vum Krich géint d'Ukrain 17 nei Strukture geschafft ginn, fir ronn 1.500 Leit kënnen opzehuele beim ONA, dem Office national de l'accueil.

An dësem Gesetzesprojet geet et elo drëms, d'Käschte vum Gardiennage vun de Logementer a vun de Verwaltungsgebaier vum ONA ofzedeecken. Mir müssen dat maachen, well mer zejoert schonn d'Barriär vun de 40 Milliounen Euro depasséiert hunn. A wéi mer alleguer wëssen, mussen mer vun deem Montant un e Gesetz heibanne stëmmen.

An deem Kader gesäit dëse Projet eng Finanzéierung vu bis zu 190 Milliounen Euro vir, an dat fir en Zäitraum vun 2021 bis 2027. Mir maachen also mat dësem Gesetz eigentlech iwwerhaupt näischt Neies, och net méi Gardiennage, wéi Verschiddener dat scho gemengt hunn, mee mir halen eis un eis Gesetzgebung, net méi an net manner.

E puer Wuert awer zum Gardiennage: D'Bewaache vun den Heemer ass engersäits dofir do, fir genee deene Leit, déi dacks ënner Liewensgefor aus hirem Land geflücht sinn, e sécher Doheim kënnen ze bidden. Anerersäits müssen och d'Personal an d'Ekipement ofgeséichert ginn. Esou soll eng Struktur garantéiert ginn, an där d'Leit sech kënnen sécher fillen. An hei wëll ech ervirsträichen, dass d'Leit an deene Strukture selwer den ausdréckleche Wunsch no Sécherheet hunn, wat nëmme verständlech ass, wann een dacks hiren Historique kennt.

Um Terrain heescht dat, dass d'Agente ronderëm d'Auer, also 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg, nei Leit kënnen ophuelen. Si kontrolléieren awer och d'Zougäng, si féieren e Regëster doriwwer, wie kënnt a wie geet,

a si iwwerwaachen dat technesch Ekipement an deene Gebaier. Si sinn insgesamt fir d'Sécherheet zoustänneg, an dorënner fällt zum Beispill och de Brandschutz. An engem Noutfall sinn d'Gardieneren do fir d'Evakuatioun vum Leit. Si stellen och sécher, dass d'Hygiënstandarden agehale ginn.

Schlussendlech ass et awer och d'Aufgab vum Gardiennage, dass sech bannent de Strukturen un d'Reegele gehale gëtt an am Fall vum engem Konflikt eventuell Mediation ka geleescht ginn. Dofir si si iwwerengs och speziell forméiert, zum Beispill an der Deeskalatioun, der Evakuatioun, der Brandschutzpreventioun, der Hygiène, techneschen Aspekter, awer och an der Multikulturalitéit, fir do dat néidegt Fangerspëtzegefill ze fannen.

Am Moment zielt den ONA iwwer 70 Strukturen mat 7.000 Better, an deenen iwwer 6.000 Leit Schutz kréien. Fir all dat ze verwalten, ass deementspreechend vill Personal néideg. Vun enger gewëssener Gréisst vu Struktur u gëtt e Schlüssel applizéiert vum engem Gardiensposten op 50 Better. Mir schwätzen also vu ronn 700 Aarbechtsplazen. Fir aner Leit, déi an de Flüchtlingsstrukturen intervenéieren, muss de Gardiennage ronderëm d'Auer assuréiert ginn. Fir ee Gardiensposte brauch een dann am Schnëtt fënnf Leit. Dat féiert och derzou, dass d'Käschte vum Gardiennage esou séier an d'Luucht gaange sinn.

Eng Diskussioun, déi an der Kommissiounssetzung vum 5. Juni opkomm ass an déi mir alleguerten deelen, ass, dass de Gardiennage net op d'Käschte vum sozialen Encadrement geschitt. De sozialen Aspekt vun der Betreierung an déi sozial Betreierung gi parallell virugefouert a souguer ausgebaut. D'Gardieneren ersetze keng Educateuren, Iwwersetzer, Psychologen oder Infirmieren an Infirmieren. Dat sinn aner Berufsgrouppen, déi immens wichteg fir d'Wuelbefanne vum de Leit an dese Strukturen sinn. Besonnesch bei vulnerabele Gruppen – sou huet den ONA eis an der Kommissioun erkläert – gëtt op de sozialen Encadrement gesat, fir de Leit an de Strukturen zur Säit ze stoën.

Mir kommen zu den Avisen. Mir hu verschidden Avisen kritt zu deemem Gesetz: vun der Chambre de Commerce, dem Syvicol an natierlech och dem Staatsrot.

De 7. Juni hu mer de Rapport an der Kommissioun ugeholl.

Mir waren och als Kommissioun eng Visitt maache vun enger vun de Flüchtlingsstrukturen a mir konnten eis och do mat de Mataarbechter vum ONA austauschen. An och den Här Minister hat sech deen Dag Zäit geholl fir eis. Merci dofir. An erlaabt mer vläicht, och am Numm, mengen ech, vun all Mënsch heibannen, all deene Leit Merci ze soen, déi an deene Strukturen do eng ganz, ganz wäertvoll Aarbecht leeschten. Mir wëssen, dass déi net ëmmer esou einfach ass, wéi ee kéint mengen.

Fir d'Detailer zum Gesetz verweisen ech op mäi schrëftleche Rapport an ech ginn den Accord vun der LSAP.

Une voix | Très bien!

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci dem Här Rapporteur.

An den éischte Riedner ass den Här Claude Wiseler. Här Wiseler, Dir hutt d'Wuert.

Discussion générale

M. Claude Wiseler (CSV) | Villmools merci, Här Président. Och merci dem Rapporteur Yves Cruchten. Zu deemem Projet géif ech gär dräi Aspekter uschwätzen. Deen éischten ass en Aspekt vun technescher Natur: d'Obligatioun, fir e separate Gesetzestext ze

maachen, wann d'Engagement vum Staat iwwer 40 Milliounen bedroen, an dat haaptsächlech och, wann et ëm d'Fonctionnementskäschte geet. Mir fannen, dass evidenterweis d'Chamber muss de Contrôle vun der Regierung exercéieren, wat hir Depensen uegt. Mir fannen dat normal, dass mer och géifen eng Lëscht vun den Depensé reegelméisseg erakréien. Awer eng Obligatioun, fir eng Loi séparée ze maachen, bréngt an eisen Aen der Kontrollfunktoun vun der Chamber net ganz vill. Et ass juristescht richteg, et ass legal richteg, wat mer maachen, mee ech bezweifelen, dass mer do méi Kontroll kënnen drop exercéieren.

Éischters ass et esou, dass déi Marchésopdeelungen, esou wéi se hei elo geschitt sinn, mengen ech, en äme et conscience vun de Services gemaach gi sinn. Mee ech muss awer trotzdeem soen: Wann ee mir seet, dass tëschent 2024 an 2027 fir de Gardiennage 118.758 Euro ausgi ginn, da muss ech soen, da fannen ech dat awer absolute Quatsch, esou eng Ziel ze avancéieren, well déi kann necessairement net stëmmen! Dat kann a sech och kee berechnen, an zum Contrôle bréngt et eis also näischt.

Dat Zweet, dat ass, dass mer deen Text awer onprezise fannen, well en hei seet, et géifen d'Gardiennageskäschten zrëckbezuelen. Am Exposé des motifs geet en awer méi wäit wéi am Text selwer. Dee seet, et wär fir d'Käschte vum Gardiennage an eventuell vum Nettoyage an och eventuell vun der Restauratioun. Och do hätte mer eis am Fong e bësse méi Rigueur am Text gewënscht.

An drëtten: Op eis Fro, ob net nach aner Prestatiounen an deenen Haiser géifen iwwer 40 Milliounen kaschten, krute mer gesot: „Einstweilen net!“, mee dat misste mer kucken. Mech géif et wonnen, wann dat net de Fall wär, mee den Här Minister ka jo vläicht nach e puer Wuert doriwwer soen.

Zweetens: Eng inhaltlech Fro – an dat ass am Fong déi weesentlech Fro – ass déi vun der Gestoun vun deenen Haiser. Mir hunn an der Press gelies, mir hunn och eng Visitt gemaach, mir hunn och vill mat deene Leit geschwat, déi am Haus schaffen, respektiv och mat den Awunner, an déi hunn eis ganz kloer e Bild gezechent, wou ee ka soen, dass et awer eng ganz Rei Gestounsproblemer an deem Haus do gëtt an an den Haiser, déi vun dem ONA geleet ginn, notament am Bâtiment T um Kierchbiereg.

Vill Partner, sou krute mer gesot, sinn net ënner enger korrekter Koordinatioun, hir Aarbecht ass net ëmmer ganz prezis definéiert. Mir hunn d'Impressioun, dass och net ëmmer jiddwereen am Detail weess, wien da richteg fir wat zoustänneg ass. Et sinn Ofstëmmungsproblemer an d'Kommunikatioun ass och relativ komplizéiert. Dat ass op jidde Fall dat, wat mir erausliesen an -héieren aus deem, wat mer gesot kréien. Et ass éischer hei, hu mer d'Impressioun, eng Verwaltungsapproche, déi do ass, wéi déi noutwendeg, vu Mënschlechkeet gepräagt Approche, déi jo awer misst prioritär an esou engem Haus sinn.

A symptomescht ass och, dass de Gardiennage vum Haus am Fong vill méi kascht wéi déi sozial Aarbecht, déi misst prioritär sinn. Fir eis ass sozial Aarbecht an esou Zentren déi absolut Prioritéit. An de Beneficiaire, dee wenn sech jo och un de Sozialaarbechter, deen awer hei an deem Fall net ëmmer weess, wien hei d'Responsabilitéit huet, an och emol net weess, wat fir eng Decisioun hie kann huelen. Et huet een am Fong d'Impressioun an der Beschreibung, et géif alles esou am Dräieck funktionéieren: iwwer d'Sozialaarbechter, déi op d'Administratioun mussen zrëckgräifen, erëm un d'Persoun selwer, déi concernéiert ass. Dat ass esou eng Dräiecksorganisatioun, déi eis net richteg weiderbréngt.

Fir eis ass kloer, dass déi Gestoun misst an enger Hand sinn, dass ee misst do sinn, deen déi Koordinatioun och mécht an deen d'Philosophie vun deem ganzen Haus präagt. Dofir wär et fir eis sënnavoll, wann een an de Strukturen alles kohärent géif organiséieren, am klassesche Subsidiaritätsprinzip, esou wéi dat och am ganze soziale Secteur vum Staat aus gemaach gëtt, wou et eng Associatioun/Organisatioun ass, déi dat Ganzt geréiert an dann och eng uerdentlech Koordinatioun do erabréngt.

Mäin drëtten Gedanken, dass ass dee vum Typ vun de Strukturen. Mir hunn de Bâtiment T gesinn a mir hunn dat och gesot, wéi de Minister bei eis komm ass, fir ze soen, dass de Bâtiment T um Kierchbiereg géif ëmfunktionéiert ginn an esou eng Struktur. Mir hunn du gesot, dass déi Dimensioun, déi déi Struktur hätt, an eisen Aen einfach weesentlech ze grouss wär. Haut wunne bal 1.000 Leit do, an et ass Plaz fir 2.500 Leit. An ech soe ganz kloer: Dat ass an eisen Ae vill ze vill! A mir ginn dervun aus, dass e Maximum vun 150 Leit soll an esou Haiser sinn, fir se uerdentlech an och mënschlech kënnen ze geréieren.

An e leschte Punkt ass deen, dass et am ganze Secteur strikt Reegele gëtt, wat de Bau an d'Wunninfrastrukturen uegt. An hei an deem Fall bei de Gebaier vum ONA ass dat net de Fall. Mir géifen eis wënschen, dass eng Nomenklatur, eng kloer Nomenklatur, vun der ITM géif entwéckelt ginn, déi, esou wéi bei anere Logementsstrukturen an deem Secteur och, géif ganz kloer Reegelen opstellen, wéi déi Haiser kéinten, sollten, missten ausgesinn. Natierlech och, andeem se temporär Ausname géife virgesinn, déi d'Urgence natierlech ëmmer emol ka verlaangen.

Zur Konklusioun géif ech soen: Mir verstinn, dass Rechnungen misse bezuelen ginn an dass esou e Gesetz muss kommen. Mir sinn awer net d'accord, wéi momentan d'Organisatioun an d'Gestoun an deem Typ vu Gebai gemaach gëtt. Mir fuerderen d'Regierung op, déi Gestoun vun dem ONA ze iwwerschaffen an dem soziale Volet en anere Stellewäert ze ginn. A mir fuerderen d'Regierung och op, de Cadre légal fir d'Konditiounen vun deenen Haiser méi prezis ze maachen an, wéi gesot, temporär Ausnamen auszeschaffen. A mir fuerderen d'Regierung och op, eng extern Evaluatioun vun der Gestoun a vun der Aarbecht vun dem ONA ze maachen. An an deem Kader ginn ech hei och eng Motioun of, déi déi Fuerderunge freet.

Plusieurs voix | Très bien!

Motion 1

La Chambre des Députés,

– *considérant le nombre croissant de réfugiés et de demandeurs de protection internationale cherchant protection au Grand-Duché ;*

– *considérant le défi que constitue l'hébergement et la prise en charge des réfugiés et des demandeurs de protection internationale ;*

– *considérant que, pour la majorité des cas, différents acteurs sont responsables pour la gestion et la sécurité des structures d'hébergement ainsi que pour la prise en charge des réfugiés et des demandeurs de protection internationale ;*

– *constatant que le système d'accueil actuel mène à une confusion des compétences entre les différents acteurs, ceci au détriment des réfugiés et des demandeurs de protection internationale logés dans les structures d'hébergement, invite le Gouvernement*

– *à définir un cadre de gestion et de prise en charge précis, afin de permettre une meilleure coordination entre les différents acteurs œuvrant dans une structure d'accueil de réfugiés ;*

– à veiller à regrouper la coordination des différentes tâches aux mains d'un prestataire présent dans l'infrastructure ;

– à définir un nombre maximal pour la capacité d'accueil d'une telle structure (150) afin que la gestion puisse être faite de façon la plus humaine possible ;

– à créer un cadre légal définissant les conditions minimales de salubrité et de sécurité auxquelles doit répondre ce type de structure ;

– à créer un cadre légal définissant les prestations sociales minimales à fournir dans le cadre de ces structures, comme ceci est prévu dans le programme gouvernemental ;

– à faire une évaluation externe des méthodes de travail et de gestion de l'ONA.

(s.) Claude Wiseler, Paul Galles, Martine Hansen, Gilles Roth, Marc Spautz.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci.

M. Claude Wiseler (CSV) | Ech soen Iech Merci fir d'Nolauschteren.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci och. An nächste Riedner ass den Här Gusty Graas.

M. Gusty Graas (DP) | Merci, Här President. Ech wëllt fir d'éischt eng aleedend Remark maachen: Ech fannen et méi wéi bedauerlech, wa mer iwwer Flüchtlingsfroen diskutéieren heibannen, datt et dann ëmmer erëm eng Partei gëtt, déi keng Geleeënheet ausléisst, fir am Fong geholl d'Flüchtlinge global ze stigmatiséieren. Dat ass net gesond, dat soll een net maachen. A besonnesch als Vertrieber vum enger Lëtzebuerger Chamber, engem Lëtzebuerger Land, wat vill Méiglechkeeten huet, de Flüchtlingen entgéintzekommen, soll een och dee Message no bausse ginn. A wann een da mengt, et misst een awer aner Messagë populariséieren, dann ass dat net ganz glécklech. An dowéinst géif ech schonn d'ADR opfuerderen, vläicht dach awer an der Diskussioun hei e bësse méi sachlech virzegoen.

Dat wëllt natierlech net heeschen, datt et net op sämtlechen Niveaue vum der Gestiou vum der Flüchtlingsproblematik ka Problemer ginn an datt et do net selbstverständlech och Leit gëtt, déi net ëmmer esou d'Reegele respektéieren, wéi dat de Fall misst sinn.

Haut si mer konfrontéiert mat engem Gesetz, wou et ëm de Gardiennage geet. Dat Wuert eleng kéint een natierlech derzou verleeden ze mengen, datt d'Leit missten iwwerwaacht ginn. An hei ass schonn e puermol déi Visitt vum T-Gebai um Kierchbiereg ugeschwat ginn, wou ech och d'Chance hat, derbäi ze sinn. Dat war wichteg an dat huet och de Beweis bruecht, datt et interessant ass, datt och emol d'Deputéiert op den Terrain ginn, fir datt se sech wierklech kënnen e Bild maachen, wéi d'Situatioun dobaussen ass.

Et ass evident, datt mer e Service de gardiennage brauchen. Dat ass evident, wa ganz vill Lei aus verschiddene Kulture sinn, déi eng ganz spezifesch Liebensgeschicht hannert sech hunn, déi alles anescht wéi flott ass. Datt do automatesch gewësse Konflikter kënnen entstoen an datt do eng gewësse Surveillance muss sinn, ech mengen, do si mer eis all eens. Wann den Här Wiseler elo hei fuerdert an dat esou duerstellt, wéi wann et net ganz glécklech wier, datt esou vill Leit op där Plaz wunnen, sinn ech ganz mat him d'accord. Mee da géif ech d'CSV awer vläicht froen, wat dann awer d'Alternative sinn. Da frot emol déi – wéi vill sinn et der elo? – 100 Gemengen. Wéi vill Gemenge strecken dann zum Beispill aus, wann et drëm geet, Flüchtlingen op hirem Territoire opzehuelen? Do sinn der awer ganz vill, déi sech dann awer bedeckt halen.

Une voix | Très bien!

M. Gusty Graas (DP) | Ech wëll dat elo net parteipolitesch hei duerstellen, dat wär och net richtig an och net objektiv. Mee et ass awer vläicht e bësse einfach, wann een dann dem Staat virschreift, dee misst derfir suergen, aner Strukturen opzebauen. Dat ass richtig, wéi gesot, mee da mussen och nach aner Institutionen matschaffen.

Zréck zum Gesetz vum haut: Mir kënnen dat selbstverständlech novollzéien. Hei hu mer de Seuil vu 40 Milliounen iwwerschritt. Dann ass et ganz evident, datt d'Chamber soll derzou befrot ginn an datt d'Chamber muss e spezifesch Gesetz stëmmen, fir datt mer en règle si mat eisem Kontabilitéitsgesetz. Dat sinn natierlech u sech a priori vill Gelder, mee et dierf een net vergiessen, datt et hei ëm d'Gestioun vu Leit geet, déi ganz grouss Problemer hunn.

An nach eng Kéier: Et ass wierklech ze bedauern, ech hunn et virdru scho gesot, datt mer um europäeschen Niveau eeben net déi Eenheet fannen, déi mer missten hunn an der Gestiou vum der Flüchtlingsproblematik. Da géif d'Welt vläicht besser ausgesinn. Mee dat soll awer eis als Lëtzebuerger Land net dervun ofhalen, e Maximum un Efforten ze maachen, fir datt déi Leit awer a gréisster Dignitéit an hirer schwieriger Situatioun an dësem Land – zumindest temporär, oder vläicht definitiv – kënnen bleiwen, soudatt fir eis als Demokratesch Partei dat Gesetz hei seng ganz kloer Wichtigkeet huet.

An dowéinst wäerte mir et och matstëmmen. An ech soen och nach eng Kéier dem Yves Cruchten Merci fir seng verschidde Rapporten a ginn, wéi gesot, d'Zoustëmmung vum der DP. Merci.

M. Mars Di Bartolomeo, Président de séance | Merci. An ech géif dann direkt d'Wuert ginn un d'Madame Stéphanie Empain.

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Villmools merci, Här President. Dir Dammen an Dir Hären, jo, am Fong geholl handelt et sech ëm en einfacht Finanzéierungsgesetz, mee mir sinn eis awer bewosst, dass et net just en einfacht Finanzéierungsgesetz ass, well duerch den Depot vum dësem Text awer och eng Partie Froen opgeworf gi sinn, déi mer eis virdru vläicht net esou gestallt hunn.

Et geet och an der gesellschaftlecher Debatt drëm, auszeloten, wéi vill Moyene mir als Gesellschaft bereet sinn, engersäits an de Gardiennage, also an d'Kontroll vum de Mënschen, ze investéieren, a wéi vill mir par rapport dozou bereet sinn, an den Encadrement vum de Mënschen ze investéieren. An ee vun de wichtege Messagen, deen een dofir hei direkt muss ginn – oder dee mir och wichteg ass –, ass, dass, wa mer hei vun enger Augmentation de budget schwätzen, dat net ass, well et an de Strukturen elo op eemol méi geféierlech gi wier, respektiv et dierf och elo net den Uschäin entstoen, dass et hei drëm geet, geféierlech Mënsche méi mussen ze kontrolléieren.

Et ass net eng Sécherheetssituatioun, déi sech verschlechtert huet, mee dës Augmentatioun am Budget hängk eeben och dorunner, dass haut méi Strukturen bestinn, wéi dat nach viru Joren de Fall war. Mir sinn och d'accord mam Fait, dass een iergendwou och e Gardiennage brauch, a mir sinn eis eens, dass, wann d'Zuel vum de Better an d'Luucht geet, dann d'Besoinen en termes de ressources um Niveau vum Gardiennage och an d'Luucht ginn. De Fait, dass mer elo e Finanzéierungsgesetz brauchen, mécht also am Fong kee groussen Ënnerschied zur Praxis, wéi mir se eeben elo kennen, ausser eeben dass mir elo och als Legislatuer iergendwéi forcéiert gi sinn, eis mat der Fro ausenannerzusetzen, an dass mer eis duerch

dëst Gesetz och bewosst gi sinn, wat do effektiv u Moyenen dran investéiert gëtt.

Deementspriedend ass den Depot vum dësem Gesetz souzesoen en Élément déclencheur gewiescht, fir e bësse méi breet driwwer ze schwätzen, wéi eng Moyene mer engersäits, wéi gesot, an de Gardiennage investéieren a wéi vill mir an den Accueil, an den Encadrement investéieren. An do wëllt mir nach eng Kéier drop hiweisen, dass et wichteg ass, do awer e gewëssenen Equiliber hierzustellen. Eiser Meinung no ass et primordial, dass de Verdeelungsschlüssel vum Gardiennage, also wéi vill Gardien en pro Persoun huet, par rapport zu dem Verdeelungsschlüssel vum Sozialaarbechter pro Persoun am A behale gëtt, well et eis einfach wichteg ass, kloerzestellen, dass fir eis nach ëmmer den Encadrement vum de Mënsche muss priméieren.

(M. Fernand Etgen reprend la présidence.)

Well et eeben den Encadrement ass, dee sécherstellt, dass déi Leit e psychologesche Suivi kréien, dass se sech hei schnell zurecht kënnen fannen, dass se Usprichpersounen hunn, dass se op hirem Parcours an engem neie Land begleet ginn an dass de Grondsteen fir eng schnell Integratioun an eis Gesellschaft ka geluecht ginn.

Mir waren zäitgläich zur Diskussioun, déi mer am Kader zu dësem Projet de loi haten, eeben och am Bâtiment T op Visitt. Mir haten do och e ganz interessanten Echange mam ONA an natierlech si mer och reegelméisseg a Kontakt mam Secteur, mat den Träger, déi hei eng wichteg Aarbecht leeschten, ouni déi mir déi grouss Erausforderungen, déi mir bei dem Suivi vum de Leit an eise Strukturen hunn, ganz einfach och net géife packen.

Une voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | A fir eis ass et eebe wichteg ze betounen, dass genee dës Träger, also d'Caritas an d'Croix-Rouge, hei net dierfe just als Prestataire ugesi ginn, déi eebe just exekutéieren, mee als Organisationen, déi schonn ëmmer vill Verantwortung iwwerholl hunn, an dat och, wann et schwéier war.

Une voix | Très bien!

Mme Stéphanie Empain (déi gréng) | Verantwortung an Initiativgeescht, an dat an engem Secteur, dee wierklech ganz erausforderend ass an deen och net ënnert de schützende Kader vum ASFT-Gesetz fält. Si verdéngen et, als Partner op Aenhéicht an hirer Aarbecht wouergeholl ze ginn. An eis ass et wichteg, dass d'Zusammenaarbecht um Terrain tëscht dem ONA an den Träger gutt leeft an dass déi verschidden Zännrieder gutt anenannergräifen.

Mir héieren awer och d'Stëmmen aus dem Secteur, déi eis drop hiweisen, dass et eng Partie Dysfunktionelementer an der Praxis gëtt. Do geet et och drëm, dass et net ëmmer ganz kloer ze si schéngt, wien a wéi enger Struktur fir wat zoustänneg ass. An der Theorie schéngt et op viles eng Äntwert ze ginn, mee et ass eeben an der Praxis, wou et munchmol scheitert, dass déi Zusammenaarbecht wierklech esou reibungslos kann oflafen. A mir Gréng sinn der Meinung, dass ee muss driwwer nodenken, de ganze System evaluéieren ze loosse, fir sécherzestellen, dass um Niveau vum Qualitätsmanagement a vun der Zusammenaarbecht eventuell Lacunen detektéiert kënnen ginn an dann natierlech och redresséiert kënnen ginn.

A mir sinn der Meinung, dass et an all Zort vun Zusammenaarbecht ëmmer Loft no uewe gëtt, a mir wäerten eis och an Zukunft dättelech do derfir asetzen. Well mir duerchaus verstinn, dass de Gardiennage och gebraucht gëtt, stëmmt eis Fraktioun dëst Gesetz

natierlech mat. Mir huelen awer den Elan ronderëm déi ganz Gestüon an den Accueil vun de Flüchtlinge mat virun, fir eis och weiderhi kënnen an där Fro ze engagieren.

An domat soen ech Iech e grouse Merci.

Plusieurs voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Empain. An nächsten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Fernand Kartheiser. Här Kartheiser, Dir hutt d'Wuert.

M. Fernand Kartheiser (ADR) | Här President, ech soen Iech Merci. Ech kann et kuerz maachen, well den Här Cruchten a sengem Exposé, mengen ech, alles gesot huet, wat wirklech wichteg ass. Et sinn 190 Milliounen Euro op sechs Joer, déi mer hei engagiere fir de Gardiennage. Dat sinn 31 Milliounen d'Joer ongeféier, dat ass natierlech ganz vill Geld fir deen Zweck. Mir gesinn an, datt d'Zuel vun de Strukturen natierlech och duerch déi Dramatik an der Ukrain an déi Leit, déi heihinnerkomm sinn, natierlech och gewuess ass, dat versteet sech.

Trotzdem wëll ech awer déi Bemierkung widderhuelen, déi ech virdu gemaach hunn: Mir géifen eng aner Asylpolitik féieren, eng aner Politik an deem Beräich, wat natierlech iwwer e gewëssenen Zäitraum dann och zu enger Reduzéierung vun de Käschte géif féieren.

Mee do si mer net. Mir sinn am Abléck an där Politik, déi d'Regierung féiert, an do ass de Besoin hei definiert vun 190 Milliounen. Mir droen dat mat, well et do, mengen ech, kee vernënftge Wee derlaanscht gëtt.

Ech soen Iech Merci.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Kartheiser. Nächsten ageschriwwene Riedner ass déi honorabel Madamm Nathalie Oberweis. Madamm Oberweis, Dir hutt d'Wuert.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Merci, Här President. Fir d'éischt och nach e grouse Merci un de Rapportier. Ech hat virdu vergiess, Merci ze soen. Nach eng Kéier merci fir all déi Rapporten. A jo, voilà, ech mengen, et gouf elo scho gesot: Et ass effektiv, entre guillemets, „just“ e Finanzéierungsgesetz, an deem Sënn näischt wirklech Neies. An ech soen och direkt, dass mir net a Fro stellen, dass een eng gewësse Sécherheet an de Flüchtlingsstrukture brauch an dass e gewëssenen Degré u Gardiennage scho wichteg ass, virun allem an esou Strukturen wéi dem Bâtiment T, dee mer besicht hunn, wou 1000 Leit op engem Koup wunnen, wat wirklech net glécklech ass a wou eigentlech keen driwwer glécklech ass.

Mee wat eis awer ganz kloer an dëser Debatt stéiert an och markéiert, sinn déi enorm Zommen, déi awer hei drafléissen, déi awer am Kontrast stinn zu anere Services – soe mir emol esou. 120 Milliounen op véier Joer si fir de Gardiennage virgesinn, dat ass wirklech enorm. A wann een dann op der anerer Säit kuckt, zum Beispill d'Integratiounsprojeten, do si mir bei ganz anere Montanten. De Flüchtlingsrot gëtt och a sengem Communiqué vum Mäerz dëst Joer d'Beispill vum CAI a vum PIA, wou annerhalfe Millioun virgesinn ass fir d'Joer 2023. Voilà, et soll ee keng Äppel mat Biere vergläichen, an awer, mengen ech, gouf dat elo hei vum Här Wiseler och schonn ugeschwat: Do gëtt et ganz aner Besoinen, woubäi een awer gesäit, dass vill manner grouss Zommen drafléissen. An Dir denkt elo vläicht, et soll een net vergläichen, mee ech mengen, et geet kloer heirauss ervir, dass de Paquet hei beim Gardiennage ass ..., dass d'Prioritéit dee Paquet ass. Voilà, dat ass de Gardiennage, an dat kënnt hei einfach kloer eraus.

An och wann dat wichteg ass, dat hunn ech scho gesot, mengen ech, ass et wichteg ze ënnersträichen, dass et aner Besoin gëtt, an dat si virun allem awer trotzdem de psychologesche Suivi – wann ee vu Flüchtlinge schwätzt, weess ee ganz genau, dass dat oft Leit sinn, déi traumatiséiert sinn, schonn eleng weinst dem Fluchtweg ganz dacks – an och eng sozioedukativ Begleitung, mee virun allem eng gewëss Autonomisation vun de Flüchtlingen, woubäi et wirklech zu Lëtzebuerg un allem happert. Mir wësse ganz genau, dass si keen Accès – quasi keen Accès, soe mir emol esou – zum Aarbechtsmaart an zum Logementsmaart hunn. Do sinn eiser Meinung no d'Besoinen, wat dës Populatioun ugeet.

De Projet de loi schwätzt jo witzegerweis vun de „Vulnerabilitäten“ als Rechtfäerdegung fir dës Gardiennage. Mir mengen awer grad, dass, wann ee vu Vulnerabilitéite schwätzt, ee wirklech ganz aner Besoin gesinn a wouerhuele muss, an ech hunn et grad gesot: éischer e psychologesche Suivi, eng Präsenz, voilà, e psychologesche Support, mee awer och virun allem den Accès zum Aarbechtsmaart an zum Logementsmaart an eng proaktiv Ënnerstëtzung vun den Acteuren, fir eeben u Logement, un Aarbecht ze kommen, wat wirklech déi wichtegst Saache sinn, fir hei unzekommen a fir sech kënnen ze entwéckelen, an natierlech, ech hunn et nach net gesot, mee natierlech déi materiell Konditiounen, an deenen déi Leit liewen. Mir hunn et gesinn, wéi mir am Bâtiment T waren – dat ass elo ee Beispill, mee voilà –: D'materiell Konditiounen, an deenen déi Leit liewen, sinn net einfach an hëllefen net, dass et deene Leit gutt geet. Am Géigendeel, et ass zimmlech oppressant, et ass zimmlech ... Ech mengen, mir hunn et all gesinn, et ass net einfach, esou ze liewen!

De Flüchtlingsrot schwätzt dann och vun enger gewësser Deresponsabiliséierung an och hei wëll ech en eng Kéier kuerz zitieren: „Cette loi suit la logique de la politique du Gouvernement, visant à déresponsabiliser les réfugiés. Ne pouvant travailler que difficilement pendant leur procédure d'asile, qui dure parfois des années, n'ayant pas la possibilité de préparer leurs repas dans la plupart des cas, ne disposant que d'un argent de poche symbolique“, ech erënneren drun, dass den Argent de poche 25 Euro de Mount ass, an ass virun zéng Joer erofgefuert gi vun 125 op 25, jo, 25 Euro de Mount, „on leur ôte la possibilité d'être autonomes et actifs dans leur processus d'intégration. Ils sont en outre hébergés dans des structures où l'accès est limité aux seuls habitants, sans possibilité d'avoir des visites“, an esou weider. Si ginn an enger Dependence gehalen, et ass hinne quasi onméiglech, sech ze entfalten an unzekommen hei an eisem Land.

En anere Problem, dee mir mat dësem Projet de loi hunn, ass d'Privatiséierung vu wichtige Tächen. Eng Rei Täché kéinte vu Sozialaarbechter gemaach ginn. Ech hat an enger Question parlementaire nogefrot, wat d'Täché vun de Gardiene sinn. Ënner anerem Hygiène, administrativ Aarbecht, Gestion de stock, den Accueil an esou weider, dat kéint eigentlech och vun ... net vun Agent-de-gardiennag gemaach ginn, well och hei weess een, dass dës dacks vulnerabel Leit, dës dacks traumatiséiert Leit, vläicht och bei Leit mat Uniform awer ... Voilà, vläicht deet hinnen dat net esou gutt, wann där ze vill do sinn. Net just verdénge sech bestëmmt privat Sécherheetsfirmen eng gëllen Nues mat esou Kontrakter, mee en plus ass et problematesch, well alles op d'Sécherheet gesat gëtt, ech hunn et gesot, an net op de sozialen, emotionalen, psychologeschen Encadrement.

An dann ass et fir eis e bësselchen esou wéi mat deem Gesetz vu virdu, dass den Accent op

d'Sécherheet awer ënnerschwelleg de Message vermëttelt, dass an de Flüchtlingsstrukturen e Sécherheitsproblem ass, ënnerschwelleg vermëttelt, dass e Sécherheitsproblem bei de Flüchtlingen och ass. Och wann Dir dat vläicht net esou wëllt, dat ass awer, wat ënnerschwelleg duerchkënnt. Mir hu wirklech Problemer domadder, mir kënnen dës securitaire Approche net deelen.

Voilà, an ech soen Iech Merci dofir.

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Madamm Oberweis. A leschten ageschriwwene Riedner ass den honorabelen Här Sven Clement. Här Clement, Dir hutt d'Wuert.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech profitieren dann och, wat ech virdu net gemaach hat aus Mangel un Zäit, fir dem Här Yves Cruchten fir all déi vill Rapporten, souwuel mëndlech wéi schrëftlech, Merci ze soen. Iergendwéi léise sech jo ëmmer déi nammlechte Riednerinnen a Riedner e bëssen of, wann et ëm déi nammlechte Theeme geet. Dat heescht, ech weess, dass et net nëmmen d'Riedeschreiwene ass, mee et ass och d'Rapporteschreiwene, wat nach e bësse méi Aarbecht ass, dofir wirklech e grouse Merci op dëser Plaz ausgedréckt.

Mat dëser Loi spéciale – an dat ass et jo – soll sécher gestallt ginn, datt den ONA den Artikel 99 vun der Verfassung respektéiert, wat d'Käschte fir de Service de gardiennage ugeet. Mir decken heimat engersäits d'Period bis 2023 of, gesinn awer och bis 2027 118 Milliounen fir Sécherheetspersonal vir. Wéi vill Leit bis 2027 iwwert dës Wee awer agestallt wäerte ginn, dat geet net esou ganz kloer aus deem Text ervir. An enger Fro vu mir aus dem Mäerz vun dësem Joer krut ech nämlech gesot, an ech zitieren: „Dëst wäert vun den Ouverturen a Fermeturë vun de Sitten an den nächste Joren ofhänken“, Zit at Enn.

Fir dëst Gesetz hunn awer missen iergendwellech Estimatiounen gemaach ginn, soss géif d'Regierung d'Chamber jo net froen, fir 118 Milliounen Euro fir déi nächst véier Joer bereetstellen. Wéi genau déi ausgesinn, dat schéngt kee wëlle sou genau ze soen. Esou geet Transparenz awer net, léif Kolleeginnen a Kolleegen, an och Här Minister! Transparenz brauch kloer Donnéeën. A mir Piraten verstinn och, datt den ONA weidert Personal brauch. Mir wëlle schlisslech, datt all déi Leit, déi eng Demande de protection maachen an déi de Statutt dann och kréien, hei gutt opgehuewe sinn. Et geet also guer net ëm d'Fro: Brauche mer dat Personal?

Mir sinn awer och der Meinung, datt verschidden Aufgaben, déi haut dem Sécherheitsbeamten ënnerleien, sollten a kéinte vun anerem Personal gemaach ginn. Ech denken un d'Gestüon vu Stocken, d'Bestellung vu Stock, d'Iwwerwaachung vun engem Botzplang – alles Aufgaben, déi laut Äntwert op meng Fro vun dëse Sécherheitsbeamten iwwerholl ginn. Dat schéngt fir eis awer net wirklech Aufgabe fir Sécherheitspersonal ze sinn. Et handelt sech heibäi entweder ëm administrativ Tächen, an déi sollten dann och vun enger Persoun mat deementsprechendem Posten iwwerholl ginn, oder et handelt sech ëm eng Positioun, déi méi Mediateur wéi Sécherheitsbeamten ass. Wann zum Beispill Leit d'Material net respektéieren, de Botzplang net respektéieren, brauch et direkt e Sécherheitsbeamten, fir dat ze maachen, oder géif do net e Mediateur interculturel méi Sënn maachen?

A mir kruten, wéi mir de Bâtiment T kucke waren, natierlech gesot, datt et Problemer mam Rekrutement vum néidege Personal gëtt. Mee datt mer dann déi Lächer mat Sécherheitsbeamte wëllen opfellen, ass vläicht net déi eenzeg Léisung. Mir Piraten sinn dofir

der Meinung, datt d'Tächen, déi des Sécherheetsbeamten haut iwwerhuelen, sollten op de Leescht geholl ginn a wann néideg un anert Personal weidergi ginn. An deem Fall bräichte mer da vläicht manner Gardienen an deenen nächste véier Joer, mee dofir méi Leit mat anere Posten.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëll awer nach ganz kuerz op den Ausruff vum Yves Cruchten agoen, dee gesot huet, dat wär net esou. Ech erënnere mech ganz gutt, datt, wéi mir am Bâtiment T waren, mer gesot kruten, datt owes, iwwert d'Nuecht keng Mediateuren do wäeren an datt während där Zäit d'Sécherheetsbeamte géife mediéieren. Kommescherweis ass dat awer grad dee Moment, wou laut eegenen Aussoe vum ONA déi meescht zwëschemenschlech Konflikter entstinn. Dat heescht, mir hunn eng kokass Situatioun, datt dee Moment, wou déi meescht Konflikter entstinn, déi mannst speziell geschoult Leit do sinn, fir déi Konflikter ze léisen, mee dofir d'Sécherheetsbeamten.

Elo kënnt Dir soen: „Hir Aufgabe ginn net vum Sécherheetspersonal iwwerholl, zumindest net de jure“, mee de facto ass et awer esou, dass dann d'Sécherheetspersonal muss derzwëschent goen, wa kee Mediateur disponibel ass. An da kommen ech och dozou, firwat mir eis haut wäerten enthalten: Eis ass heimaddeger ze vill onkloer an et gëtt ze vill Froen, déi opbleiwen, kee konkreete Plang, wéi mer hei an Zukunft méi Personal rekrutéieren, dat déi Tächë mécht, déi haut un d'Sécherheetsbeamte geoutsourcet ginn, an dat fanne mir net de richtige Wee.

Ech soen Iech Merci.

M. Marc Goergen (Piraten) | Ganz gutt!

M. Fernand Etgen, Président | Merci villmools, Här Clement.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Immigrations- an Asylminister Jean Asselborn.

Prise de position du Gouvernement

M. Jean Asselborn, Ministre de l'Immigration et de l'Asile | Här President, Dir Dammen an Dir Hären, also ech wollt just soen, dass mer hei iwwert de Gardiennage mussen e Gesetz stëmmen – Dir – an dass sech am Fong iwwerhaupt näischt ännert un deenen Ausgaben, déi mer de Moment fir de Gardiennage ausginn hunn. Et ass eenzeg an eleng eng Projektioun bis 2027, a well mer iwwert déi 40 Milliounen kommen, mussen mer e Gesetz maachen.

Elo wollt ech emol kloer feststelle fir d'éischt: Mir hunn 143 Gardiennageposten – an ech hoffen, dass mer elo alleguer esou éierlech sinn an ech gëssen, wat e Gardiennageposten ass –, 143 Poste verdeelt op 53 vun de Strukturen. Mir hunn der am Ganze 66, et sinn also 13 méi klenger derbäi, wou mer net de Gardiennage brauchen an där Intensitéit. An ee Gardiennageposte si fënnef Leit – fënnef Leit! Firwat fënnef? Well se jo 24/24 Stonnen do sinn, datt sinn der dräi. Plus Congéen a Krankeschäiner, dat sinn der véier. Plus dann d'Sonndeger an d'Feierdeeg, da kënnt nach een derbäi. Also sinn et fënnef Leit, déi mer brauche fir ee Posten.

Sou, entweder muss een dat elo akzeptéieren: 24/24 Stonnen a 7/7 Deeg, dat ass esou vill. A mir brauchen also ee Gardiennageposten op 50 Better – ee Gardiennageposten op 50 Better! Dat ass déi Experienz, déi mer elo hunn aus deene Joren, an deene mer dat elo opgebaut hunn. Dat ass de Minimum, dee mer brauchen.

Da wollt ech Iech soen: Ech weess net, wou Dir un déi 118 Milliounen kommt. Et sinn 190 Milliounen, déi mer brauchen! Ech weess net, wien 118 Milliounen

an d'Welt elo gesat huet, mee am Text steet 190 Milliounen. Et sinn déi Suen, déi mer brauchen, fir déi Gardiennageservicer ze assuréieren. Ech wëll Iech just soen: Wa mer op verschiddene Plaze keng Gardiene gehat hätte 24/24 Stonnen, da wieren d'Foyer-eis verbrannt oder et wiere grouss Katastrophe geschitt mat Leitungen, Waasserleitungen, déi futt-gefuert sinn, wann net permanent Leit do gewiescht wieren, déi op dat Gebai do oppassen.

An dofir, ech sinn elo net hei, fir Iech meng Theorie ze soen, mee ech kann Iech just soen – ech si jo och nëmmen de Minister, mee ech sinn net all Dag sur place –, dass ech mech vill domadder ofginn hunn an de leschte Joren an dass mer och elo virun allem zënter dem leschte Joer, wou mer déi Leit aus der Ukrain hei opgeholl hunn ... an ech mengen, do solle mer och houerfreg sinn drop: Dat sinn iwwer 5.000 Leit gewiescht, woubäi der och ganz vill – ech mengen, 1.500 ongeféier – an den ONA-Struktur sinn. An do hu mer missen eng parallell Struktur opbauen, parallell zu deem, wat mer haten. An do si mer net froe gaang: Wéi vill Leit passen do eran? Wat seet d'ITM? Wat seet deen hei a wat seet deen do? Mir hu misse kucken, d'Leit ënnerdaach ze kréien. An dofir wëll ech hei emol fir d'alleréischte deene Leit e grouse Merci soen, déi d'Responsabilitéit hunn am ONA. Mee net nëmmen deenen, déi d'Responsabilitéit hunn, mee och deenen, déi am ONA all Dag schaffen, ob se vum Roude Kräiz sinn, ob se vun der Caritas sinn oder vum ONA selwer, déi wierklech e ganz grousst Engagement an eng ganz grousst Flexibilitéit gewisen hunn, fir dat doten ze meeschten. Sou, dat ass fir mech déi wichtegst Ausso, déi ech haut hei maachen.

All dat anert, dat kucke mer. Den Här Wiseler huet eng Motioun deposéiert. Ech wëll just soen: Wa mer dat elo haut géife stëmmen bei enger Capacité d'accueil vun enger Struktur fir 150 Leit, da wësst ech net, wou ech mat deene bal 1.000 Leit, déi am T-Gebai sinn, géif hifueren. A wa mer d'T-Gebai net hätten, da wësst ech net, wou mer déi Leit ënnerdaach bruecht hätten. An ech mengen, selbstverständlech ass et méi einfach, wann een 150 Leit ze betrieien huet, wéi wann een der iwwer 1.000 ze betrieien huet an engem ... Ee Gléck, ee Gléck, dass mer dat fonnt hunn, soss hätte mer haut nach Honnerte Leit am Tony Rollman. Dat ass d'Zelt, dat mer um Kierchbiereg hunn, dat mer hu missen oprichten, fir d'Leit op jidde Fall emol provisoresch ënnerdaach ze kréien.

An dofir, mir kënnen hei Theorien opstellen, sou gutt ... Ech hunn och mat der Caritas a mam Roude Kräiz geschwat, mat der Madamm Jacobs a mat dem Chef vum Roude Kräiz. Mir sinn eis alleguer bewosst, dass hei eng grouss Flexibilitéit noutweneg war, soss hätte mer dat do net gepackt. Mee ech hunn ni erausfonnt, dass do elo soll op eemol e Problem sinn ënnert hinnen oder et wësst een net, wat d'Tächë wieren. Ech sinn d'accord, ech soen dat direkt, dass mer dat an d'Kommissioun huelen, dass mer kucken, dass – wéi nennt Dir dat? – eng Analys gemaach gëtt, wéi et funktionéiert. Iwwerhaupt kee Problem domadder! Ech mengen, wa mer dat kënnen besser maachen, da maache mer et besser.

Mee wannechgelift, loosst eis elo net, no all deem Misär, deen an der Welt geschitt ass ... A mir sinn nach als eenzegt Land ... oder eent vun den eenzege Länner an Europa – dat huet den Här Kartheiser jo elo grad zouginn –, déi nach Flüchtlingen ophuelen. A ville Länner ass de Schlëssel drop, déi huele keng méi op!

An dofir, mir wëllen dat jo maachen, mee mir wëssen awer och, wéi schwéier et ass – an ech mengen, dat weess jiddwereen –, nei Strukturen opzemaachen a fir nei Strukturen och ze fannen. An dofir soen ech

Iech éierlech: Och an den nächsten zwee, dräi Joer gesinn ech net, wéi mer vun engem Dag op deen anere kënnen am T-Gebai eroffuere vun iwwer 1.000 Leit op 150. Dat gesinn ech net, dat ass net machbar. Ech weess net, wou mer ... An dass déi Leit alleguer esou onzefriden do sinn. Ech weess net, wou Dir dat hierhuelst. Do gëtt et Problemer, selbstverständlech. Do gëtt et Problemer, wéi et der iwwerall gëtt. Do gëtt et der, déi drénken, et gëtt der, déi fëmmen, et gëtt der, déi aner Saache maachen, an dat mussen mer reegelen. Déi Gardienen, déi do sinn, déi sinn net do fir ze schlichten. Dofir hu mer Sozialleit do. Mee mir hunn awer Gardiene sur place 24/24 Stonnen, déi do sinn a kucken, wann et Kaméidi gëtt, dass d'Leit net unenee ginn. An dann ass et un dem Sozial... – wéi heescht dat? –, Assistant social, dem Sozialaarbechter, ze kucken, dass dat erëm an d'Rei geet.

Dofir, wannechgelift, huet mir dat of. Ech kann dach net viru meng Leit do triede vum ONA an och net virun déi vum Roude Kräiz oder vu Caritas a soen: „Elo paakt dir emol an, elo maache mir hei emol e Screening an da kucke mer emol, wéi dat hei mat Iech weidergeet.“ Esou geet et net, esou geet et net! Dann demotivéieren ech déi Leit, an da maachen ech net. Dass d'Direktioun vläicht besser ka funktionéieren a verschiddene Saachen oder dat Ganz vläicht méi zesumme funktionéieren, mee ech soen Iech nach eng Kéier: Ech gesinn net, och wann ech mat der Caritas oder mam Roude Kräiz, mat den Haaptresponsabelen zesummesetzen, wat alles do géif falsch lafen. Ech weess dat net. Ech gesinn et net. Si soe mir dat och net. Wann dat esou ass, soe si mir dat net. Voilà!

An dofir, Här Wiseler: Ech sinn de leschten, dee sech do dergéint dréckt, dass do eng Analys gemaach gëtt vu kompetenten Instituter – ech weess net, wien dat dann ass, awer Leit, déi eppes dovunner kennen – an dass ee kuckt, wéi een dat kéint an Zukunft besser maachen. Dogéint hunn ech guer näischt, mee all dat anert ... Loosst mech elo net hei iwwert den Accueil maximal vun 150 Better ... Dat geet net op! Voilà, ech mengen, ech hunn dat meescht gesot, wat ech ze soen hat.

Déi 180 – elo kommen ech och duercheneen –, 190 Milliounen, déi sinn effektiv nëmmen do – an dat hat Dir och gefrot, Här Wiseler –, fir d'Gardienen ze bezuelen. Dat ass de Präis, dee mer mussen bezuelen. An dann hat Dir och gefrot, ob aner Saachen nach kéinten hei derbäikommen. Mir kéinten op d'Limitt komme beim Iessen, dass dat och géif dann op eemol un d'Limitt komme vun 10, 11 Milliounen am Joer, an da misste mer och dofir e Gesetz maachen. Ech gesinn: Mir hätte jo ouni d'Russen, ouni de Putin dee Problem do jo guer net. Dann hätte mer net esou vill Leit hei. Mee mer hu se awer hei a mer mussen da kucken, se och ënnerdaach ze kréien an hinnen och z'iessen ze ginn, an dat kascht Geld.

An dofir, ech mengen och elo hei ... Ech weess net, wien et scho méi war, ech mengen, et war den Här Clement, dee gesot huet, déi Leit, déi do setzen, d'Gardienen, jo, déi kéinte jo Tächë maachen, andeem se do sinn, wou et einfach ass, ze kontrolléieren, zum Beispill d'Stocken oder esou Saachen, well se jo 24/24 Stonnen do sinn, dass mer net nach aner Leit dofir missten astellen. Déi maache keng Aarbecht vu Sozialaarbechter, mee déi maachen Aarbecht, wat d'Organisation ugeet a wat d'Sécherheet an deem Gebai ugeet.

Voilà, merci.

Une voix | Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci dem Här Immigrations- an Asylminister Jean Asselborn. D'Diskussion ass elo ofgeschloss.

Mir kommen elo zur Ofstëmmung iwwert de Projet de loi 8131. Den Text steet am Document parlementaire 8131¹⁴.

Vote sur l'ensemble du projet de loi 8131 et dispense du second vote constitutionnel

D'Ofstëmmen fänkt un. Mir maachen dann elo de Vote par procuration. De Vott ass ofgeschloss.

De Projet de loi ass mat 36 Jo-Stëmmen, 2 Nee-Stëmmen an 22 Abstentionen ugeholl.

Résultat définitif après redressement : le projet de loi 8131 est adopté par 35 voix pour, 2 voix contre et 23 abstentions.

Ont voté oui : MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mme Simone Beissel, MM. Frank Colabianchi, Fernand Etgen, Gusty Graas, Max Hahn, Mme Carole Hartmann, MM. Pim Knaff (par M. Gusty Graas), Claude Lamberty et Mme Lydie Polfer (par M. Max Hahn) ;

Mme Simone Asselborn-Bintz, M. Dan Biancalana, Mmes Tess Burton, Francine Closener, MM. Yves Cruchten, Mars Di Bartolomeo, Mme Cécile Hemmen, M. Dan Kersch, Mme Lydia Mutsch et M. Carlo Weber ;

Mme Semiray Ahmedova, M. François Benoy (par Mme Djuna Bernard), Mmes Djuna Bernard, Stéphanie Empain, Chantal Gary, M. Marc Hansen, Mme Josée Lorsché, M. Charles Margue et Mme Jessie Thill ;

MM. Jeff Engelen, Fernand Kartheiser, Fred Keup et Roy Reding (par M. Jeff Engelen).

Ont voté non : Mmes Myriam Cecchetti et Nathalie Oberweis.

Se sont abstenus : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt épouse Kemp, MM. Emile Eicher, Félix Eischen (par Mme Nancy Arendt épouse Kemp), Paul Galles, Léon Gloden (par M. Claude Wiseler), Jean-Marie Halsdorf, Mme Martine Hansen, MM. Max Hengel, Aly Kaes, Marc Lies, Mme Elisabeth Margue, M. Georges Mischo (par Mme Octavie Modert), Mme Octavie Modert, MM. Laurent Mosar, Gilles Roth, Jean-Paul Schaaf, Marc Spautz, Serge Wilmes (par M. Marc Lies), Claude Wiseler et Michel Wolter (par M. Paul Galles) ;

MM. Sven Clement et Marc Goergen.

Freet d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Et ass also esou decidéiert.

Motion 1

Da musse mer nach iwwert d'Motioun vum Här Wiseler ofstëmmen. Wëll nach een d'Wuert zu dëser Motioun ergräifen? Den Här Yves Cruchten.

M. Yves Cruchten (LSAP), rapporteur | Jo, merci, Här President. Ech mengen, den Här Minister hat jo och seng Bereetschaft erkläert, gären hei verschidden Aspekter vun där Motioun ze diskutéieren, an dofir géif ech proposéieren, dass mer eis an der Kommissioun eng Kéier déi néideg Zäit huelen an iert mer hei doriwwer ofstëmmen, eng Kéier an der Kommissioun doriwwer befannen, well ech mengen, hei géife mer nach déi eng oder aner Saach fannen, déi mer kéinten anescht formuléieren.

M. Fernand Etgen, Président | Dann hat den Här Clement d'Wuert gefrot.

M. Sven Clement (Piraten) | Merci, Här President. Éier se elo an d'Kommissioun verwise gëtt, awer vläicht e puer Gedanken dozou. Ech kann domat liewen, an der Kommissioun nach eng Kéier méi am Detail doriwwer ze diskutéieren. Ech wollt awer vläicht ee Gedanke lassginn, deen ech och a menger Ried ugeschwat hat, an dat ass, wéi vill Leit mir iwwerhaupt an deene Strukturen hunn. D'CSV schreift elo hei vun 150. Ech weess

net, wou si un déi Zuel kommen. Ech weess och net, wou mer – den Här Minister huet et och gesot – da mat de besteende Strukturen higin.

Ech ka mat allem liewen, wat fir nei Strukturen ass, wa mer e Verdeelschlüssel am Land hunn – dee steet iwwerengs net dran. Ech mengen, datt dat eppes ass, wat feelt. Well wann ee seet: „Mir wëlle méi kleng Strukturen“, da musse mer och – wien A seet, muss och B soen – gläichzäiteg soen: „Majo, mir hätte gär méi kleng Strukturen, mee da muss och jiddweree méi kleng Strukturen opmaachen an eeben net nëmmen, wéi zum Beispill am Moment, haaptsächlech an der Hauptstadt, mee dann haaptsächlech iwwer d'ganz Land verdeelt.“

A gläichzäiteg fannen ech et e bësse kokass, wann een an deem éischte Considerant seet, datt d'Zuel vun de Refugiéer weiderhi klëmmt, an dann hannendru lauter Saache proposéiert, mat där een u sech d'Offer u Logementer fir dës Leit reduzéiere wäert, zumindest à court terme. Dat war e bësse mäin ... Méi kleng Strukturen, woubäi mer net wëssen, wou mer se opbauen ...

(Interruption par M. Jean Asselborn)

Ech schwätze vun der Motioun, ech schwätze just zur Motioun, Här Minister. An deementspriedend: Ech kann domadder liewen, dass mer dat an der Kommissioun nach eng Kéier am Fong diskutéieren. Ech mengen, datt et vill Diskussiounsbedarf gëtt.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Clement. D'Madamm Oberweis.

Mme Nathalie Oberweis (déi Lénk) | Ech maachen et ganz kuerz: Eis ass déi Motioun ganz sympathesch. Ech sinn d'ailleurs e bësselchen iwwerrascht, voilà. Ech hänke mech un den Här Clement drun, un dat, wat hie sot, well effektiv déi kleng Strukturen, dat ass dat, wat mer brauchen. 150 ass nach relativ vill, mee voilà. Mir brauche kleng Strukturen, mee da géif ech der CSV och ganz gär soen: Wa mer dat wëlle maachen, da musse mer vläicht op de Wee goen, d'Autonomie communale a Fro ze stellen. Well am Endeffekt geet et och dorëms: Wa mer vu Quote schwätzen, dass all Gemeng hir Responsabilitéit soll huelen, net just an der Flüchtlingsfro, mee och an anere Froen, da kënnt ëmmer erëm d'Autonomie communale op den Dësch. Mir mussen awer iergendwann eng Kéier deen Tabu brieche an iergendwann eng Kéier doriwwer schwätzen. Voilà!

Mme Myriam Cecchetti (déi Lénk) | Yes. Très bien!

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Madamm Oberweis. An da ginn ech d'Wuert un den Auteur vun der Motioun, den Här Claude Wiseler.

M. Claude Wiseler (CSV) | Villmools merci. Also ech wëll just soen, datt eisen Haaptsouci bei där Motioun hei war, datt mer géifen déi Offer an de sozialen Deel vun der Offer an den eenzelen Haiser verbessern. D'Reduktioun vun der Zuel vun de Leit, ob dat der elo 50, 150 oder 200 sinn, ass mir am Fong zimmlech egal. Mir hunn der 150 an der Klammer geschriwwen. Wann Der zu anere Konklusiounen kommt, dass et 200 soll sinn, dat ass mir och Recht. Mir soe just ganz kloer: Bei esou grouse Strukture wéi 800 a wéi 1000 ass et extreem schwéier an net gerabel.

Ech hunn awer och a menger Introduktioun gesot, Här Minister, datt ech duerchaus verstinn, datt een, wann een an Urgencefall ass, sou wéi Dir et waart, wéi d'Ukrainer komm sinn, dann och urgent Mesüre muss ergräifen, dat liicht eis alles an, well soss packe mir et jo net. Dat, wat mir hannendru soen, ass: Mir hätten awer gär, datt soll konsequent gekuckt ginn, wéi mer dann, wa mer d'Urgence bis geléist hunn, eng Verdeelung hunn an net eng Struktur, an där

dausend Leit sinn, well se elo schonn eng Kéier do ass, dann einfach akzeptéieren an an den nächsten 10, 15 Joer lafe loosse. Well esou geet et jo, wa mer net aktiv no eppes anerem sichen.

Dann déi Opdeelung op déi Gemengen: Mir hunn nach ëmmer gesot a mir soen dat och nach eng Kéier gär, datt mer wierklech der Meinung sinn, datt eng Opdeelung zwëschent de Gemenge soll organiséiert ginn an datt do soll jiddwer Gemeng hir Responsabilitéit huelen. Well wa mir dat net maachen, gi mer et net Meeschter. Dat ass awer net eng Ausso, déi nei vun eis ass. Dat ass eng Ausso, déi mer scho säit Joren – säit Joren! – maachen.

Ech wollt dem Här Asselborn äntweren: Déi 119 Milliounen, wou Dir gesot hutt: „Wéi kommt Dir dann dorop, well et sinn der 190?“ Jo, et sinn der 190, mee mir kommen drop, well Dir an Ärem eegenen Text gesot hutt, datt Dir et an zwou Phase maacht an déi zweet Phas géif 119 Milliounen kaschten. Dofir hu mer alt vun der zweeter Phas heiansdo geschwat. An Ärem Exposé des motifs, deen ech awer gelies hunn, stinn déi 118.700.000 an ech weess net wat. Den Total ass 190, dat ass mir och bewosst, mee mir hunn hei gär vun der zweeter Phas geschwat, wéi mir déi Zuel do genannt hunn.

Dat waren déi puer Remarken, déi ech dozou ze maachen hat. A selbstverständlech, Här Cruchten, wann Dir mir sot, Dir huet dat gären an d'Kommissioun, fir doriwwer am Detail eng Kéier ze schwätzen. Dat ass mäi gréisste Wonsch, datt mer eng Kéier seriö kënne driwwer schwätzen. Ech hale wierklech net drop, datt déi hei ofgestëmmt gëtt. A wa mer doraus kënne eng Diskussioun maachen, wou mer all déi eenzel Punkten do uschwätzen, da sinn ech selbstverständlich direkt domat d'accord.

An ech soen dem Minister och Merci, datt en och bereet ass, vu senger Säit aus eng Kéier vu baussen déi Aart a Weis, wéi geschafft gëtt an deenen Haiser, duerchlichten ze loosse. Dat ass awer net, datt Dir sollt Äre Leit soen: „Haalt elo mat allem op, mir maachen e Screening.“ Ech weess jo, datt een dat net ka soen. Dat soll een och net soen. Do si ganz vill Leit, déi ganz vill gutt Aarbecht maachen, mee ech mengen awer, et wär sënnavoll, et géif een hinnen déi Hëllefstellung ginn, fir eng Kéier d'Aarbechtsaart a - weis ze analyséieren an ze verbessern. Et ass also an engem positive Geescht, wou mer dat hei gemaach hunn a wou mer et och weiderféieren.

M. Fernand Etgen, Président | Merci, Här Wiseler.

Ech mengen, da kënne mer iwwert dës Motioun befannen.

Vote sur le renvoi de la motion 1 en commission

Wien d'accord ass, fir dës Motioun an d'Kommissioun ze verweisen, dee soll d'Hand an d'Luucht hiewen.

Wien ass dergéint?

Wien enthält sech?

Dat heescht, d'Kommissioun muss sech mat dëser Motioun befaassen.

(La motion 1 de M. Claude Wiseler est renvoyée à la Commission des Affaires étrangères et européennes, de la Coopération, de l'Immigration et de l'Asile.)

Mir kommen elo zum Projet de loi 7890 iwwert d'Aféierung vun engem Dispositif fir den Droit à la déconnexion. D'Riedezäit ass nom Basismodell festgeluecht. An d'Wuert huet elo de Rapporteur vun dësem Projet de loi, den Här Dan Kersch.

(Concertation interne)